Juli 2021

# OP DE PUNKT.



Fotoen © Gemeng Suessem, SICONA, CSV Gemeng Suessem

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV SUESSEM

CSV

## CRASSIER DIFFERDANGE-SANEM

Pour nous, une remarque préliminaire d'importance s'impose. Notre position pour « accepter » une quelconque modification du crassier était et est de « voir » le projet d'ensemble du crassier. Nous refusons toute décision qui ne s'inscrit pas dans un projet sur l'ensemble du site, bref pas de « saucissonnage » !

Nous ne nous opposons pas à un développement du crassier, un crassier qui existe depuis plus d'un siècle ! Mais notre responsabilité est d'agir dans l'intérêt de notre population actuelle et à venir et donc de faire en sorte qu'un assainissement des parties historiques se fasse et que le développement futur se fasse dans l'esprit du développement durable.

Rien ne doit être « oublié » pour ne pas se retrouver dans quelques années ou décennies dans une quasi-impossibilité de réagir face à une catastrophe écologique et donc humaine. Il s'agit fondamentalement d'une question d'éthique et de responsabilité politique pour les générations futures.

D'emblée, il y a lieu de mentionner l'avis de 2017. Dans son essence, les remarques formulées dans l'opposition formelle de février 2018, votée à l'unanimité par les conseils communaux de Differdange et de Sanem, restent d'actualité :

- Assainir avant toute nouvelle affectation
- Des décharges juxtaposées ou qui se chevauchent posent la question de la responsabilité future
- Les nouvelles décharges se retrouvent en partie sur la décharge existante d'où des problèmes d'étanchéité et les couches inférieures seront difficilement accessible en cas de « problèmes »
- Pour une décharge qui sera exploitée pendant quatre décennies, il faut éviter de laisser les problèmes aux générations futures.

## BRÉCK ZU BIELES



D'CSV hat viru Joere beim Bau vun der Bréck vum Bieleser Kierfecht eriwwer an d'Rue de France gefuerdert, dass dës soll barrierefräi ginn.

Aus méi Grënn, krute mär vun der deemoleger Majoritéit gesot, dëst wär technesch ganz schwéier realiséierbar, resp. dëst géif ze deier ginn.

Wéi d'CSV 2017 erëm am Schäfferot vertruede wuar, huet si gefrot, ob ee kéint préifen ob et net awer méiglech wär, dës Bréck méi accessibel ze gestalten. Leider huet eise Service technique keng eenzeg Offer vun engem Betrieb kritt, dee bereet gewiescht wär hei eng Léisung virzeschloen.

De rout-schwuarze Schäfferot huet sech bereet erkläert, den Dossier op en Neits ze préifen, mä awer gläichzäiteg ugekënnegt, dat neit Accessibilitéitsgesetz wëllen ofzewuarde fir dësen Dossier direkt kënnen no den neien Oplagen ëmzesetzen an ev. och vun engem Subsid kënnen ze profitéieren.

## PONT À BELVAUX

Il y a plusieurs années, le CSV avait exigé que le pont qui mène du cimetière de Belvaux à la rue de France devait être construit de façon à être accessible à tous.

Malheureusement, le Conseil échevinal de l'époque avait argumenté que cela n'était pas possible pour des raisons techniques et financières.

En 2017, lorsque le CSV était à nouveau représenté au Conseil échevinal, il a demandé une analyse de faisabilité en vue de permettre l'accessibilité à tous. Cependant, suite aux requêtes du service technique de la commune, aucune société n'a proposé de solution, ni fait parvenir une offre de service.

L'actuel Conseil échevinal LSAP-CSV est disposé à réviser ce dossier, mais tient à préciser qu'une nouvelle loi concernant l'accessibilité est en élaboration et qu'il souhaite en attendre sa mise en vigueur afin d'y intégrer directement tous les nouveaux critères et de pouvoir ainsi bénéficier d'un éventuel subside.

# AIDES POUR NOS ENTREPRISES ET LE SECTEUR HORECA

La crise Covid a rendu la vie difficile à beaucoup d'entreprises et en ce qui concerne le secteur HoReCa (hôtels, restaurants et cafés), celles-ci ont même été contraintes de fermer durant une longue période.

Nous avons par l'intermédiaire de l'administration communale souhaité venir en aide et soutenir les entreprises lésées. Pour ce faire, nous avons mis en place différentes facilités au niveau de notre commune :

- Vu que la fête nationale de l'année dernière n'a pas pu avoir lieu, à cause de la pandémie, le budget prévu pour l'organisation de cette journée a été attribué à toutes les associations de notre commune. Cette initiative a permis aux associations de dépenser le subside accordé (exclusivement) auprès des entreprises de notre commune.
- La fête pour les seniors a également dû être annulée et les personnes concernées ont pu bénéficier d'un bon d'une valeur de 25€ qu'elles ont pu dépenser auprès des commerces de la commune de Sanem.
- La taxe terrasses du secteur Horeca pour l'année 2020 et 2021 a été supprimée.
- Les loyers des restaurants qui sont locataires de bâtiments communaux ont été abolis pendant toute la période de fermeture de ceux-ci.
- La taxe poubelle et la « partie fixe » de la redevance de l'eau des entreprises du secteur Horeca leur ont été créditées.
- La commune a proposé l'exécution et la certification d'un certain nombre de tests antigéniques rapides gratuits d'une validité de 24 heures à ses habitant·e·s. Ceci a permis une fréquentation des entreprises du secteur Horeca.
- Les entreprises peuvent demander l'accord du Conseil échevinal pour l'installation d'une terrasse sur la voie publique ou le domaine public.
- En cas de difficultés financières d'une entreprise ou d'un·e habitant·e de la commune, cette dernière est naturellement disposée à trouver un arrangement à l'amiable.




## HËLLEF FIR EIS BETRIEBER AN DEN HORECA SECTEUR

D'Covid-Kris huet ville Betrieber ellen zougesat an déi aus dem HoReCa (Hotele, Restauranten a Caféën) Secteur wuaren esouguer gezwonge ginn iwwer länger Zäit zouzemaachen. Mär wollten de Betrieber dofir ënnert d'Äerm gräifen an hunn hinnen als Gemeng op e puer Manéiere geholllef:

- Well d'lescht Joer Nationalfeierdag coronabedingt an d'Waasser gefall wuar, sinn d'Suen, déi fir d'Organisatioun vum Fest virgesi wuaren, op eis sämtlech Veräiner verdeelt ginn. D'Veräiner konnten dunn déi Suen an all de Betrieber aus eiser Gemeng (an nëmmen do) ausginn.
- Amplaz vun der järlecher Seniorefeier, déi leider och huet missten ausfalen, hunn all eis eeler Matbierger ee Bong am Wäert vu 25€ kritt, deen si och konnten an de Betrieber aus der Gemeng aléisen.
- D'Terrassentax am Horeca Secteur ass fir d'Joeren 2020 an 2021 ganz ausfale gelooss ginn.
- D'Loyere vun de Restauranten, déi a Gemengegebaier lounen, si fir déi Period, wou dës Betrieber ganz hu missten zoumaachen, fale gelooss ginn.
- D'Betrieber aus dem Horeca Secteur kréien 2021 hir Mülltaxen an d'"Partie fixe" vun der Waassertax guttgeschriwwen.
- Op der Gemeng konnten eis Bierger eng Rei gratis Schnelltester fir 24 Stonnen ausféieren an zertifizéiere loossen. Doduerch ass e Besuch an den Horeca Betrieber erméiglecht ginn.
- D'Betrieber kënne beim Schäfferot d'Installatioun vun enger Terrass op der „voie publique" oder dem „domaine public" ufroen.
- Wann ee Betrieb oder Bierger eemol ee finanziellen Enkpass huet, hëlleft d'Gemeng natierlech och ëmmer gäre fir een Arrangement ze fannen.

Fir méi Informatiounen /
Pour plus d'informations:



**NATHALIE MORGENTHALER**
Finanzschäffin
Echevine finances
nathalie.morgenthaler@suessem.lu

# NEIES AUS DER MOBILITEIT







Déi éischt Mesurë vun eisem SUMP (=En nohaltegt, urbaant Mobilitéitskonzept fir d'Gemeng Suessem) ginn esoulues ëmgesat. Esou z. B. d'Erneierung vun der rue de la Gare, der rue Dicks-Lentz an der rue G.-D. Charlotte zu Bieles. Hei gëtt och den éischte « Shared Space » an eiser Gemeng geschaf. Leider kënne mer net iwwert d'Strooße vun der Ponts & Chaussées, z.B. rue de l'Usine zu Bieles, matdecidéieren, mee déi ginn awer no an no an d'Reih gesat.

Eng nei Sensibiliséierungscampagne gouf gestart fir d'Leit erëm dorunner z'erënneren, ewéi een sech an den ZONE 30 an eiser Gemeng soll behuelen. Fir eppes neits hu mer als Maskottchen e Gaardenzwerg geholl. Dee fällt op. Dëseweidere ginn an all ZONE 30 duerch d'Gemeng no an no all al Stroossebemoolungen erneiert an neier ginn opgemoolt.

Fir méi Informatiounen /
Pour plus d'informations:



**MIKE LORANG**
Mobilitéitsschäffen
Echevin mobilité
mike.lorang@suessem.lu

## FORMATIOUN ZUR MENTAL GESONDHEET

Als Gemengeverantwortlech suerge mär eis ëm d'Wuel an d'mental Gesondheet vun eisem Personal. Déi ganz Covid-Kris huet esou munche Leit op d'Moral gedréckt, dofir hu mär dem Gemengepersonal (wat dat wollt) d'Formatioun „Devenir secouriste en santé mentale" ugebueden. An deem Cours ass d'Basiswëssen iwwer psychesch Stéierungen a Krise vermëttelt ginn. D'Participanten hu geléiert Unzeechen a Symptomer z'erkennen a wéi si am beschten eng Persoun mat psychesche Schwieregkeeten uschwätzen an ënnerstëtze kënnen. Dës Offer hat ee groussen Uklang fonnt an ass als immens sënnvoll ugesi ginn. Mär wäerten och weiderhinn op dës Zorte vu Präventioun setzen.

### FORMATION EN SANTÉ MENTALE

En qualité de responsables communaux, nous tenons à prendre soin de la santé mentale notre personnel.

Cette crise Covid a porté préjudice au moral de certaines personnes. De ce fait, nous avons proposé, au personnel qui l'a souhaité, de suivre une formation « Devenir secouriste en santé mentale ».

Des connaissances de base en cas de troubles psychiques, dûs à la crise sanitaire, ont été transmises. Les participant·e·s ont appris à reconnaître les signes et les symptômes y relatifs. Ils·elles ont été formé·e·s à gérer et à aborder les personnes concernées et à les épauler. Cette offre de formation a trouvé une grande résonance et a été très appréciée. A l'avenir, nous envisageons de mettre en place davantage de mesures de prévention semblables.

# PROJET AMIF – ECO TRANSFAIRE

Dans le cadre du Fond « Asile, Migration et Intégration » (AMIF) du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région, EcoTransFaire pilote un projet de recherche d'identification et d'intégration des ressortissants de pays tiers à la vie du pays pour une meilleure résilience et participation. Ce projet aura lieu de janvier 2021 à juin 2022 en collaboration avec la Commune de Sanem et la Commission de l'intégration.

Il permettra aux ressortissants de pays tiers, à statut légal, de s'exprimer sur leurs besoins, leurs aspirations, voire leurs requêtes, afin d'élaborer des pistes d'action en vue de favoriser un vivre-ensemble et une participation locale au niveau social, politique, culturel et économique du lieu de résidence.

Ainsi, EcoTransFaire procède à une enquête qualitative au moyen d'entretiens anonymisés auprès d'une soixantaine de ressortissants de pays tiers. Ces échanges s'effectueront sur leurs parcours résidentiels, leurs ressentis, leurs relations familiales, amicales et professionnelles, les dispositifs mis en place, ainsi que l'accès aux informations au Luxembourg.

Dans ce même cadre une rencontre aura également lieu pour échanger avec une dizaine d'associations, ceci pour analyser leurs expériences, leurs missions, leur fonctionnement, leurs ressources et leurs besoins.

Selon les conclusions qui en résultent, des leviers adaptés seront élaborés sous forme d'outils pratiques (ex : guide adapté aux profils des ressortissants et aux ressources locales) au profit des associations et des agents communaux en charge de l'intégration ; ceci afin de les assister dans leurs démarches d'intégration (ex : personnes-ressources, réseaux…) et de soutenir ainsi leurs efforts en faveur de l'amélioration du vivre ensemble au niveau local.

Si vous souhaitez faire part de ce projet ou si vous connaissez des personnes susceptibles d'y adhérer, merci de contacter :



**FRANCA ROMEO**
Présidente
Commission de l'intégration
franca.romeo@suessem.lu

**NATHALIE MORGENTHALER**
Echevine à l'intégration
nathalie.morgenthaler@suessem.lu

# VERSCHEINERUNG VUN EISEN DUERFKAEREN



An eiser leschter Editioun vum „Op de Punkt" hate mär äech gewise wéi eis Gemengegäertner ë.a. zu Bieles an zu Zolwer e puer Fuarftupfer an eist Liewen erabruecht hunn.

D'Beméiungen zu méi liewenswäerten Uertschafte geet monter weider. Hei si Beispiller aus Eilereng a Suessem ze gesinn.



# AKTIOUN PÄIPERLEK VUN DER SICONA



De Réckgang vun der biologescher Diversitéit ass problematesch an d'Gemengen ewéi d'Bierger mussen hir Roll spille fir deem entgéintzewierken. Mat der Aktioun Päiperlek gëtt drop higewisen, dat jidder Eenzelen eppes maache kann. D'Hallschent vun de 86 Zorte vun Dagespäiperleke si bei eis duerch d'Ewechfaale vun hire Liewensraim, dem Verschwanne vun hiren Nahrungsplanzen an duerch Gëfter bedreet. Zanter e puer Joren deelt d'Naturschutzsyndikat SICONA Staudepäck mat e puer Planzen, déi ee besonnesche Wäert als Fudderquell fir Päiperleken an Insekten hunn, un d'Bierger aus hire Membersgemengen aus. Fir et dëst Joer nach méi praktesch fir eis Bierger ze maachen, hu mär als Suessemer Gemeng 100 Staudepäck extra fir eis Bierger reservéiert, déi dann zu Bieles ofgeholl konnte ginn. A manner ewéi 2 Deeg wuaren dës Staudepäck reservéiert, sou dass mär garantéiert dës erfollegräich Aktioun och d'nächst Joer erëm an eiser Gemeng ubidde wäerten.

Eise Gemengendelegéierte bei der SICONA ass de Gaston ANEN.

Fir méi Informatiounen /
Pour plus d'informations:



**GASTON ANEN**
President Ëmweltkommissioun
Président Commission de l'environnement
gaston.anen@suessem.lu

# SPILL- A SPORTINFRASTRUKTUREN











Als CSV si mär frou an houfreg, datt d'Spillplaz am Park Belval duerch eng inklusiv Spillbuerg (Design for all) erweidert ginn ass. Hei kënne Kanner mat an ouni ageschränkte Mobilitéit sech begéinen an zesumme Spillerlierfnisser sammelen.

Ronderëm de Kannercampus um Belval sinn e puer Spillplaze fir all Alter entstanen. Esou kënnen d'Kanner aus déser neier Schoul, mä awer och déi aner aus der Ëmgéigend vu flotter Geräter profitéieren.

D'Pandemie huet gewisen, datt et vu Virdeel ass, wann et an enger Gemeng eng Vielfalt un Outdoor-Sportsinfrastrukture gëtt. Souwuel déi gutt besichte Calisthencis Anlagen am Park Belval an um Bieleser Gaalgebierg, ewéi och den nei amenagéierte Fitness Parcours um Gaalgebierg erméiglechen jidderengem an der Gemeng Suessem e Ganzkierperworkout un der fréscher Loft ze maachen an sech domat gesond a fit ze haalen.







Alternativ hu mär am Tippewee flott Kletterwänn souwéi e Beachvolleyballterrain an der Cité Kauffman an um Bieleser Gaalgebierg, déi grad am Summer fir sportlech Ofwiesslung kënne suergen.






Fir eng méi entspaante Form vun der Beweegung, Spillspaass an e soziaalt Mateneen an der fräier Natur z'erméiglechen, huet d'Gemeng Suessem an en Disc Golf Parcours mat 10 Statiounen investéiert, deen am Park Belval opgeriicht gëtt. Dës jonk Sportaart ass an den USA an a Skandinavien ganz populär a ka souwuel vu Kanner, wéi vun Erwuessene praktizéiert ginn. Hei gëtt Respekt, Fairness an en héiflechen Ëmgang matenee groussgeschriwwen.

Dësweideren huet d'Gemeng Suessem an eng weider ganz jonk Sportaart investéiert, andeems se 2 Teqball Dëscher kaf huet.

Last but not least begréisse mär, datt d'Jetone fir d'Vëlo-Wäschanlag um Gaalgebierg säit kuerzem endlech och vun eiser Gemeng gratis gestallt ginn.



Fir méi Informatiounen
Pour plus d'informations :



**ANNE LOGELIN**
Presidentin Sportskommissioun
Présidente Commission des sports
anne.logelin@suessem.lu

**MIKE LORANG**
Jugendschäffen / Echevin Jeunesse
mike.lorang@suessem.lu

**NATHALIE MORGENTHALER**
Sportsschäffin / Echevine Sports
nathalie.morgenthaler@suessem.lu

# EIS NEI COMITESMEMBEREN
# NOS NOUVEAUX MEMBRES DU COMITÉ



**TOM SCHOCKMEL**
**35 Joer / ans**
**Bieles / Belvaux**
**Informatiker, Staatsemployé**
**Informaticien, Employé de l'Etat**

Politesch Mandater / mandats politiques:
- Trésorier - CSV Gemeng Suessem
- Effektive Member an der Jugendkommissioun / Membre effectif de la Commission des Jeunes

**Wat gefällt där un eiser Gemeng? / Qu'est-ce que tu apprécies particulièrement dans ta commune ?**

D'Gemeng Suessem ass eng lieweg an aktiv Gemeng a wat mer besonnesch gefält ass datt si fir all Alter eppes ze bidden huet. Et sinn immens vill a flott Plaze geschaf gi wou Kanner an déi Jugendlech spillen an sech treffe kënnen. Wat d'Educatioun ugeet, gëtt et vum Précoce bis Lycée alles an eiser Gemeng wat ee brauch. Mä et gëtt awer och un eis eeler Matbierger geduecht an dofir gesuergt, datt si hier wuelverdéngte Plaz an eiser Gesellschaft behalen an hiren Drëtten Alter genéisse kënnen.

La commune de Sanem est une commune active et vivante. J'apprécie vraiment l'offre variée destinée à toute la population. Il y a beaucoup d'espaces dédiés aux enfants et aux adolescents. Ils ont la possibilité de s'y rencontrer et d'y passer du bon temps. En ce qui concerne l'éducation, notre commune dispose de toutes les structures nécessaires, du précoce au lycée. Les seniors n'ont pas été oubliés non plus, tout a été mis en œuvre pour préserver leur statut au sein de la population en leur offrant des institutions adaptées leur permettant de bénéficier d'une retraite bien méritée.

**Wat sinn deng politesch Prioritéiten? / Quelles sont tes priorités politiques?**

Aktuell engagéieren ech mech am Numm vun der Partei an der Jugendkommissioun, wou mer probéieren d'Gemeng lieweg an interessant fir eis méi jonk Matbierger ze gestalten. Leider ass dat an dëser Zäit relativ schwiereg an trotzdeem probéiere mer eist Bescht fir datt och déi net vergiess ginn, déi d'Zukunft vun eiser Gemeng sinn.

Als Papp vun engem klenge Meedche wëll ech mech prioritär fir d'Kanner an d'Jugendlecher an eiser Gemeng asetzen, egal ob dëst hier Fräizäit, Schoul oder Sécherheet betrëfft. An de lëschte Jore gouf scho villes an eiser Gemeng gemaach, mä et ginn ëmmer nach Méiglechkeeten sech ze verbesseren.

Et ginn awer sécherlech och aner Themen, Gebidder fir déi ech mech perséinlech interesséieren, wei zum Beispill d'Circulatioun oder dat kulturellt Liewen an eiser Gemeng.

Actuellement, je m'engage au sein de la Commission des jeunes. Nous souhaitons rendre notre commune plus attrayante et vivante pour nos jeunes concitoyens. Malheureusement, cela est difficilement réalisable en cette période spéciale, mais nous nous efforçons à soutenir les jeunes qui représentent l'avenir de notre commune.

En tant que père d'une petite fille, je m'engage prioritairement pour les enfants et les adolescents de notre commune, que ce soit pour les loisirs, l'enseignement ou la sécurité. Ces dernières années, notre commune a fait beaucoup d'efforts, cependant, on trouve toujours des possibilités d'optimisation.

Il existe certainement aussi encore d'autres domaines pour lesquels je m'intéresse personnellement, p.ex. la circulation ou la vie culturelle de notre commune.

**Firwat engagéierts du dech grad bei der CSV? / Pourquoi as-tu opté pour le CSV ?**

CSV ass déi Partei mat där ech mech an all deene Joren am meeschten identifizéiere konnt. Si steet a mengen Ae fir Kontinuitéit, mä ass awer och ëmmer oppe fir nei Weeër ze goen. Ier ech ugefaangen hu mech politesch z'engagéieren, konnt ech d'Erfarung maachen, datt si ëmmer een oppent Ouer fir d'Probleemer a Suerge vun hire Matbierger hat.

Genau dat gëtt hautzedaags gebraucht. Nolauschteren, diskutéieren, analyséieren a probéieren do ze hëllefen an ze verbessere wou et gebraucht gëtt.

Le CSV est le parti auquel je m'identifie le plus, depuis des années. A mon avis, il est synonyme de continuité et toujours disposé à saisir de nouvelles voies.

Avant de m'engager politiquement, j'ai fait l'expérience de constater qu'ils ont toujours pris en considération les problèmes et les soucis de leurs concitoyens. C'est ce dont nous avons besoin à ce jour. Ecouter, discuter, analyser, aider à optimiser où c'est nécessaire et dans la mesure du possible.


**GRAD ELO! MEMBER GINN - DEVENEZ MEMBRE MAINTENANT!**

Numm ______________________ Virnumm ______________________

Beruff ______________________________________________

Gebuertsdatum ______________________ Nationalitéit ______________________

Adress ______________________________________________

PLZ ______________________ Uertschaft ______________________

E-mail ______________________ Tel ______________________

Den _____ / _____ / 2021

Ze schécken un: CSV - B.P. 826 L-2018 Lëtzebuerg - E-mail csv@csv.lu - Tel 22 57 31 1



**MIREILLE KRISCHLER**
**33 Joer / ans**
**Zolwer / Soleuvre**
**Psychologin an Bildungswëssenschaftlerin / Psychologue et Chercheuse en Sciences de l'Éducation**

Politesch Mandater / mandats politiques:
- Member / Membre – CSV Gemeng Suessem
- Ersatzmember an der Jugendkommissioun / Membre suppléante de la Commission des Jeunes

**Wat gefällt där un eiser Gemeng? / Qu'est-ce que tu apprécies particulièrement dans ta commune ?**

Ech fille mech der Gemeng Suessem am besonnesche Mooss verbonnen, well ech meng ganz Kandheet hei gelieft hunn a meng Kanner och elo hei opwuessen. Et gefält mer dat an Zukunft nach mei staark op Biergerbedeelegung soll Wäert geluecht ginn. Interesséiert BiergerInnen an d'Gemengeverantwortlech engagéieren sech als Partner op Aenhéicht fir zesummen no Léisungen ze sichen an nei Projeten fir d'Weiderentwécklung vun eiser Gemeng auszeschaffen.

Je me sens particulièrement liée à la commune de Sanem, car j'y ai vécu toute mon enfance et mes enfants y grandissent aussi. J'apprécie qu'à l'avenir, l'accent soit encore davantage mis sur la participation citoyenne. Les citoyens intéressés et les dirigeants de la commune travaillent ensemble, en tant que partenaires, pour trouver des solutions et élaborer de nouveaux projets pour le développement futur de notre commune.

**Wat sinn deng politesch Prioritéiten? / Quelles sont tes priorités politiques?**

Als Psychologin a Bildungswëssenschaftlerin interesséieren ech mech besonnesch dofir wéi Kanner sech entwéckelen a wéi mer si beschtméiglech kënnen dobäi ënnerstëtzen. Ech setze mech dofir an, dat déi individuell Entwécklung besonnesch bei der Bildung méi am Fokus steet, fir dat all Kand sech wuelfillt an déi selwecht Chancë kritt seng Potenzialer auszeschäffen an esou an der Schoul an am spéidere Liewe ka reusséieren!

Ausserdeem sinn ech dofir dat all Famill selwer kann entscheeden wéi si hiert Familljeliewen organiséiert an dat all Modell unerkannt a gläichwäerteg finanziell ënnerstëtzt gëtt.

En tant que psychologue et chercheuse en éducation, je m'intéresse particulièrement à la façon dont les enfants se développent et comment nous pouvons les soutenir au mieux dans leurs apprentissages. Je veux m'engager pour que l'éducation se focalise davantage sur le développement individuel, afin que chaque enfant se sente à l'aise et ait la même opportunité d'explorer son potentiel et de réussir à l'école ainsi que plus tard dans la vie!

De plus, je suis favorable à ce que chaque famille puisse décider elle-même comment elle organise sa vie de famille et que chaque modèle soit reconnu et soutenu financièrement sur un pied d'égalité.

**Firwat engagéierts du dech grad bei der CSV? / Pourquoi as-tu opté pour le CSV ?**

Wann dir wëllt matgestalten, musst dir iech engagéieren. Ech hu mech fir d'CSV entscheet, well dës Partei Interesse vertrëtt, déi mir änlech sinn, an dëst besonnesch an der Bildungs- an an der Familljepolitik.

Si vous voulez contribuer au développement, vous devez vous impliquer. J'ai opté pour le CSV, car ce parti représente des intérêts avec lesquels je peux m'identifier, et ce particulièrement en matière de politique éducative et familiale.

